

2015 sinn et 200 Joer, datt...!

Et wier ze hoffen, datt déi Verantwortlech an dësem neie Joer gëngen drun denken, datt mir, **an engems mat eisem Nationalfeierdag an den 125 Joer Dynastie, 200 Joer „Grand-Duché“ feiere kënnen.** Gewëss: Lëtzebuerg guff 1815 nach keen „onofhängege Staat“, mä vun do u kann ee soen, datt „mir“ – reng historiesch an international-rechtlech gekuckt – eng eege Plaz an der Rei vun den europäesche Länner hunn.

Deen neie Grand-Duché guff (minus 2 280 km², déi un d'Preise gungen) zwar als dem Kinnek vun Holland seng perséinlech Propriétéit an de Schlussakt vum „Wiener Kongress“ geschriwwen, mä Lëtzebuerg ass **vun do un e Staat fir sech**, och wann dee verbrueete Wëllem I. et behandelt huet, wéi wann et seng 18. hollännesch Provënz wier ... wat komplett géint de Sënn vum Kongress-Akt gaang ass. Dat huet och indirekt dozou geféiert, datt „mir“ **1839 nach eng Kéier 4 320 km² erofgekëppt** kruten; et ass also zugudderlescht nach eppes manner ewéi en Drëttel vun deem iwwreg bliwwen, wat den *Duché de Luxembourg* virun 1815 gewiescht ass, wéi alles déi Säit vun Our/Sauer a Musel fir d'Preisen ewechgeschnidde guff. **Eist Land – 2 586 km² – ass deemno praktesch als „Schuedi-Duché“ vun deem Kuch vun iwwer 9 000 km² fir deen tockege Wëllem I. bliwwen**, eng „Groferei“, déi sech zënter dem spéide Mëttelalter ënner alle méiglechen Haiser „Herzogtum“ huet däreifen nennen.

Et huet bis 1890 (Doud vum Wëllem III. an Thron-Iwwerhuele vum Adolph vun Nassau-Weilburg) gedauert, iert Lëtzebuerg definitiv **e wierklech onofhängegt Land mat eegener Constitutioun an domat eegene Gesetzer ginn ass.** Dat sinn, am ganz grouse Bou, d'Elementer, un déi mir äis sollen erënneren, wann et drëm geet, un d'Chance ze denken, déi mir haten an hunn, uechter d'ganz Welt als souveräne Staat unerkannt ze sinn ... eng Chance, déi d'Lëtzebuerger sech iwwregens och zënterhier duerch hir exemplaresch Aarbecht a Resistenz géint all Tendenze vu méi spéidem Annexionsappetit verdéngt hunn!

Dir kënn natierlech elo froen, **wat déi „Gedankespillerei“ mat eiser Sprooch ze dinn hunn.** Mä intelligent Leit wéi den Tunn Meyer, de Jacques Dieenhofen, de François Gangler, de Michel Lentz, de Michel Rodange, den Edmond de la Fontaine (Dicks), Nicolas Greth, C.M. Spoo, grad ewéi eis Lëtzebuergesch-Schreiwerten aus dem 20. Joerhonnert haten an hunn e Gespier, eng Nues fir de Rang vun eiser Sprooch bei der Formatioun vun eisem klengen Staat; besonnesch och fir déi kriddleg Zoustänn, bannent deenen déi „puer“ Lëtzebuerger ëmmer erëm waren. Eis Sprooch war souzesoen een Deel vun der „Speis“, mat deer d'Land gebaut an zesummegehal guff.

„Mir wëlle bleiwe wat mir sinn“ ... dat sinn net déi Kuebereien, mat deenen dee Sprooch haut ze dacks „bemokelt“ gëtt; de Michel Lentz wollt deemools – 1859! – just ënnersträichen, datt eise Këppche Land äis a soss kengem sollt gehéieren. „WÉI“ mir sinn, dat ass eng total aner Saach ... an do hu mir jo och eist gutt Recht, no de „Qualitéit“ vun aneren ze froen. Souguer wann et ëm „Steier-Ruling“ geet?

„Je suis devenu Français en Amérique latine et tous les patriotes sud-américains le sont devenus à Paris. Rien de meilleur que l'exil pour découvrir d'où l'on vient et la langue dont on est pétri, ET QUI EST NOTRE VRAIE PATRIE ...“, da rot emol, wien dat gesot huet; kee klengkaréierte Fanatiker oder „faschistoiden“ Nationalist ... de Regis Debray („Le Point“ 27. Nov. 2014)! Kuckt vläicht an Ärem Internet, wien dee Mann war/ass. Dir wonnert iech!

Prost neit Joer?

„Däerfe“ mir esou soen? Et soll jidderee soen, wéi hie wëllt. Einfach *Vill Gléck am neie Joer* oder *All Guddes am neie Joer* passen zwar besser an eis einfach Sprooch. „Pro sit / Prost“ ass Latäin an heescht näischt anescht wéi „et soll (gutt) fir dech sinn!“ Mir sëtzen ower sproochlech och hei an enger interessanter Mëtt ... och wann dat dem Lëtzebuergesche selwer dacks wéi deet an eiser eegener Ausdréck muttwëlles mat däitschen, franséischen oder englesche Wieder plattgemaach ginn.

Dir erënnert iech vläicht, datt mir e ganzt Buch voll méi oder wéiniger **ty-pesch lëtzebuergescher Ausdréck mam Titel EISES** erausginn hunn; mat iwwer 4 000 Beispiller ... dat nach ëmmer ze kréien ass, a knapps de Präis vun enger giedeleger Pizza kascht; de Bréifdréier bréngt iech et och heem, wann dir äis 15 € (mam Stéchwuert „EISES“ op de Kont vun hei uewen an der KLACK) schéckt. Dora kënn dir iech dann och d'Zänn e bëssen ausbäissen, fir d'Iwwersetzung op Däitsch oder Franséisch ze fannen ... esouguer méi wéi eng Wett gewonnen!

vum Lex Roth



(Foto: Teddy Jaans)

Bravo, Här André Bauler!

An der Mëtt vum 19. Joerhonnert hunn **zwee Deputéiert fir d'alleréischte e puer Sätz Lëtzebuergesch** (zu Ettelbréck) an der Chamber geschwat. Dat waren net deer „Mannster“ (och net onbedéngt deer Topegster!); si hu bei déi knapps 2 % Lëtzebuerger gezielt, déi ëm déi Zäit hunn därefer stëmme goen a gewielt ginn: de „Propriétaire“ Metz vun Eech an den Affekot André vu Veianen ... **fir datt d'Vollek och sollt verstoen, wat am „héijen Haus“ géng diskutéiert ginn.** Et huet gutt 50 Joer gedauert, bis erëm een sech an der Heemechtsprooch an der Chamber gemellt huet: **de Caspar Mathias SPOO, a senger éischter Ried, den 9. November 1896;** si ass am Original am Archiv! Mä de gudde Spoo guff dofir vun deenen aneren „décke Schweesserten“ einfach verdommt ... ower d'Äis war gebrach, an d'Lëtzebuergesch 1912 an dat neit Schoulgesetz geschriwwen ... Dicks, Rodange, Lentz, Nik. Welter asw. hate „gewierkt“!

An der Chambersëtzung vum 27. November 2014 huet den Här Deputéierten André Bauler eng Ried fir eis Sprooch gehal, déi genee op d'Gedanken a Wieder vum C.M. Spoo passt. Mir sinn haut, ee Gléck! mam Lëtzebuergeschen op ville Pläng méi wäit; et giff eng Abberzuel, fir se hannereneen ze schreiwen ... ower den Här Bauler gehéiert haut an d'Rei vun all deenen, déi sech d'Sprooch vun eisem Land op hire Fändel geschriwwen hunn; net als sougenannten „Nationalist“, mä als verstännege Patriot am beschte Sënn, wéi alleguer déi, déi dofir riichtgestan hunn ... a woufir d'Lëtzebuergesch kloer an eis Constitutioun gehéiert! Dem Här Emil Rinnen e Merci op „Cliärref“, well hien äis mat esou begeeschterte Complimenter op d'Ried vum Här Bauler gestouss huet.

Hëllef fir d'Franséisch? Jo, mä ...

Et ass net fir d'éischt, datt mir wéinst eiser Aarbecht fir d'Lëtzebuergesch duergebass kréien, dat wier **géint d'Däitsch** geriicht; richteg ass: Mir sinn a bliwen dogéint, datt päckweis lëtzebuergesch Ausdréck muttwëlles vun houdäitsche Wieder ermëlzt ginn; d'Däitsch selwer respektéiert jiddwer eenegermoosse louse Lëtzebuerger, esou ewéi dat sech passt.

Elo gi mir dann an engem Lieserbréif gewuer, datt en Här fir d'Franséisch hei am Land no Hëllef rífft. Hien huet recht! Mä net op déi Manéier, wéi hien et zum Beschte gëtt. D'Franséisch quaxt hei net ënnert deem sëlliche Lëtzebuergeschen, un dat eis Leit sech ewell och an de moderne Medien an op soss verstännege Fassonge ginn, léiwen Här Henri Entringer. De „Misär“ mat der *„Langue de Molière et de Camus“* ass an de 60er Joeren ugaang, wéi Superpädagogennullerten ze no bei de franséische Linguisterte geschnoffelt haten ... déi iwwregens deemools en däitlechen **Ënnerscheid téscht „français = langue maternelle ou étrangère“** gemaach hunn; wéi déi Liichtbengelcher dann op eemol eis Kanner fir kleng Fransouse gehal a mat deer zackerdjesse *„méthode structuro-globale“* traktéiert hunn. Mir nenne keng Nimm, well der nach vun deene „Stiichterte“ liewen; leider haten si deemools fräi Hänn fir hir Dommereie kritt; d'Katastroph war propheet ginn; **haut ass d'Bëttschel fett.** Näischt fir on-gutt, Här Entringer!

Virstand? Abeejo!

Leider si mir ewell sou wäit, datt e **„Mitglied vum Virstand den Uwiesenden den Tätegkeetsbericht vum verfllossene Joer ënnerbreet/virgedroen huet“.** De Problem läit doran, datt een deem aneren ofschreift. Soubal et da schrëftlech gëtt, muss et jo och nach méi feierlech sinn ... an da fale mir gewéinlech an d'Houdäitsch. Ass et dann esou schwéier, d'Saach an d'Ëmstänn ze schreiwen, wéi een engem se um Telephon géng soen?

Natierlech kënn elo d'Fro, wéi een de „Virstand“ soll nennen, well „Comité“ wier jo och kee Lëtzebuergesch. Dat ass net onbedéngt falsch ... an ower net ganz „dijeleg“ = richteg, well mir do erëm e gellegt däitscht Wuert huelen, dat op der ganzer Welt soss kee versteet. Nach méi gelungen ass et, wa mir och nach op eemol solle „Komitee“ schreiwen ... dat ass déiselwech Kniewel wéi aus der Photo eng Foto ze maachen ... an déi griechesch Wuerzel ze zertrëppelen. Firwat? Ee Gléck hunn déi allermeescht verstännege Leit an deem Sënn d'Saach vu CHRËSCHTDAG aplaz Krëschtdag matkritt ... **a mir si glécklecherweis nach net bei „Filosofie-Filharmonie-Fisik asw. ...“ ukomm.** De grouse Virdeel fir eis Sprooch bleibt déi oppe Fënster op Weltsprooch wéi Englesch, Spuenesch, Franséisch ... déi de Stack vu laténgeschen a griechesche Wieder zu 98 % respektéieren. Firwat solle mir da just um Däitsche pechen?